

Pferdestark 2015: Goldmedaillen fir lëtzebuerger Ardenner

De läschte Week-end waren op der "Pferdestark" zu Wendlinghausen an Nordrhein-Westfalen (D) d'Europameeschterschaften am Holzschlefen. De Jean-Paul Heck aus Dorscheid (L) koum mam Max beim Eespänner, a mam Max a Sepp beim Zweespänner ganz uewen op de Podium.

Dobäi hat eise Lëtzeboier Holzschlefer well vill Opreejung ir et op den Europameeschterschaften am Holzschlefen op der "Pferdestark" zu Wendlinghausen (D) un den Départ goug. Net nëmmen, datt e sech réischt knapps erholl hat, vu sengem Réckwéi, deen hién 3 Méint laang immobiliséiert hat. Ma do gouf et och nach sou eppes wéi den däitschen "Amtsschimmel", dee bessi haart Kreesch gedoen hat, wéinst Pabeieren, déi jo awer korrekt präsentéiert waren.

Ma wéi och ëmmer, de Jean-Paul Heck goug un den Départ. Samchdegs mat sengem 19 Joër ale Minech Max. "Diese beiden sind ein Team, seit ich sie kenne!", sot den däitsche Moderator Matthias Rensing, selwer eefachen Europameeschter bei den Eespänner an zweefachen Europameeschter bei den Zweespänner. Sonndes huet de Max dunn zesumme mam sechsjährege Minnech Sep den Zweespännerparcours gemaach.

Et war eng Freed dem agespillten Team Jean-Paul-Max, souwéi Jean-Paul-Max-Sepp nozekucken! Dat Vertraue vun de Päerd, déi präzis esou geschafft hunn, wéi hire Meneur dat vun hinne verlaangt huet, och mol aleng op Stëmmkommando! Mat vill Wëssen, Kënnen an Erfahrung huet de Jean-Paul Heck seng Ardenner duerch d'Paarte vum Parcours geleed. Zentimetergenau huet d'Gespan all Kéiers hire Bamstamm op engem Holzklötz a Balance bruecht. Ouni ze zécke si se laanscht eng Motorsee, déi gehault huet gaang, iwver Äscht an iwwert eng Bréck. De Waasergroef war dem Sep zwar net sou geheier, ma den Jean-Paul Heck huet seng Päerd encouragéiert, mat vill Gedold an Durchsetzungsverméigen. Sou huet hié seng Déieren och duerch de ganzen, net einfache Parcours geleed!

Um Enn vum Parcours hunn de Max, souwéi och de Max, zesumme mam Sep hire Bamstamm all Kéiers genee sou op zwee aner Stämm opgeluecht, wéi hire Meneur dat gäere gehat hätt: proper an exakt!

D'Konkurrenz op dese 6. Europameeschterschaften am Holzrécke war enorm staark. D'Elite vun den Holzrécker war ugereest, aus der Belscht, Dänemark, Däitschland, Frankräich, Holland, Norwegen, Eisterräich an Tchechien. Ma Europameeschter, am Een- an Zweespänner, gouf keen anere wéi de Lëtzebuerger Jean-Paul Heck. Sâi Succès huet en nach ganz niéwelaanscht mat enger éischer Plaatz am Nozée vun engem Schlitt gekréint – eng Kraaftübung déi weist zu wat sou staark a gedëlleg Ardenner alles fähig sinn!